

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. August 20121

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Zu Lëtzebuerg gëtt beim Staat, mee och a ville private Betriber um Enn vum Joer d'Primm vum sougenannten 13. Mount ausbezuelt, déi, contrairement zu anere Primme fir besonnesch Verdéngschter ganz héich besteiert gëtt.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Fro stellen:

- 1) Wéi héich sinn d'Recetten, déi de Staat duerch d'Besteierung vum 13. Mount geréiert? Kann den Här Finanzminister de separate Montant vun der Besteierung vum 13. Mount am öffentlechen Déngscht am Allgemengen (Staat, Gemengen asw.) a vun der Besteierung vum 13. Mount an der Privatwirtschaft nennen, dat jeeeweils fir d'Budgetsjoren 2019 an 2020?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten